



Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

REÇU
Par Alf Christian, 16:01, 27/10/2020

Luxembourg, le 27 octobre 2020

Référence : 834xafe34

Objet : Question parlementaire urgente n°3042 du 26 octobre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet des délais d'émission des ordonnances et recommandations de la Direction de la santé

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi et du soussigné à la question parlementaire urgente n°3042 du 26 octobre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet des délais d'émission des ordonnances et recommandations de la Direction de la santé.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale


Romain SCHNEIDER

Annexe(s) : Réponse à la question parlementaire urgente n°3042





Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet an dem Aarbechtsminister op déi urgent parlamentaresch Fro n° 3042 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'Attester vun de Krankmeldungen

Déi grouss Unzuel un Neiinfektiounen hunn dozou gefouert dat d'Ausstelle vun den Attester vun der Direktioun vun der Santé méi laang kann daueren ewéi üblech. D'Gesondheetskeess ass doriwwer um Courant an hält ëmmer den Datum deen op der Ordonnance steet och wann se méi spéit era geschéckt gëtt. D'Gesondheetskeess huet dofir extra eng Mailadresse kreéiert wou d'Leit hier Dokumenter sollen hischécken an zwar op folgend Adresse: saisieCIT.cns@secu.lu.

Heiriwwer gouf et eng Kommunikatioun op der Internetsäit vun der Gesondheetskeess ënnert folgendem Lien:

<https://cns.public.lu/fr/actualites/2020/temps-attente.html>.

Doriwwereraus huet Direktioun vun der Santé och op hirem Site weider Informatiounen publizéiert an zwar ënnert folgendem Lien:

<https://sante.public.lu/fr/actualites/2020/10/covid-tracing-adaptation-procedures/index.html>

Direktioun vun der Santé huet zum Beispill och mat de Verrieder vun den Employeuren geschwat fir dat se solle méi coulant si falls d'Attester e bëssi méi spéit era kommen, wat jo administrativ bedéngt ass an net op d'Persoun selwer zeréckzeféieren.

Allerdéngs mussen déi betraffe Persounen sech direkt bei hirem Employeur melle fir ze informéieren dat se net kënnen/däerfen op d'Aarbechtsplaz goen, esou ewéi dat soss och a m Krankheetsfall muss gemaach ginn. D'Leit kënnen sech och un hiren Dokter wenden, virun allem wann se Symptomen virweisen, deen hinnen och en PCR-COVID-19-Test ausstelle ka fir d'Kontroll nom 6ten Dag vun der Infektioun. Prinzipiell sollen déi betraffe Leit sech awer bei der Direktioun vun der Santé mellen.

Et sief och nach dorop opmierksam gemaach, dass laut den Artikelen L. 312-1 et suivants vum Code du travail den Employeur eng Obligatioun huet fir d'Gesondheet an d'Sécherheet vu senger Salariéer op der Aarbechtsplaz z'assurieren an dowéinst dann och déi néideg Moossnamen a sengem Betrib huele muss fir seng Salariéer ze schützen.

Deemno geiff den Employeur deen ee vu senger Salariéer stellt schaffen ze kommen, obwuel dës Salarié eventuell mam Covid-19 infizéiert ass, senger Obligatioun a Saache Gesondheet a Sécherheet op der Aarbecht net nokommen. De Salarié huet dann och eng Obligatioun fir d'Instruktiounen vu sengem Employeur ze befollegen an d'Gesondheet a Sécherheet vun anere Salariéer am Betrib net a Gefor ze bréngen.



Wat den Teletravail ubelaangt gouf den 9. Oktober 2020 an engem Communiqué vum Aarbechtsminister a vum Minister vun der sozialer Sécherheet präziséiert, dat d'Salariéeën, déi sech an der Quarantänn befannen oder am Isolement, d'Méiglechkeet hunn op den Teletravail zeréckzegräife wann se dat wëllen.

An deem Fall brauchen se de Krankeschäin net an Uspoch ze huelen. Allerdéngs muss dat schrëftlech tëschent dem Saliarié a sengem Patron zeréckbehale ginn, an dëst ënnert egal wéi enger Form (E-Mail, Bréif, etc). Dës Optioun gëllt natierlech nëmme wann den Assuré fäeg ass fir seng Aarbecht ze maachen, also keng Symptomer huet. Anerefalls kann hien op seng Ordonnance als Krankeschäin zeréckgräifen. Et sief ze preziséieren dat den Teletravail als normal Aarbechtszäit ugesinn ass an den Assuré am Kader vun der Onfallversécherung assuréiert ass.

D'Méiglechkeet op den Teletravail zeréckzegräife stellt d'Mesurë vun der Quarantän oder vum Isolement vun der Direktioun vun der Santé net a Fro, d.h. dat déi sanitär Mesurë mussen applizéiert ginn.